

DEN TELEPHON

E löschtegt Steck an engem Akt.

P e r s o ' n e n :

- 1.) D' Joffer RENAUD (eng éler pensionne'ert Joffer)
- 2.) d' MARIETTE (hir Niece)
- 3.) d' BEBY, (hirt Déngschtmédchen)
- 4.) d' Madame KRISCHES (d'Frâ aus der Epicerie ennenan)
- 5.) d' Madame PIGEON (eng éler Perso'n vum 2.Stack)

D e c o r s

Eng besser Stuff an en Telephon, dén eso' do stét, dass d'Actricen zo' de Leidd gedre'nt sin, wann se schwätzen.

D'MARIETTE (lét en Duch iwer den Telephon a sèt zum Médchen wât de Stöps deruechter ôfmecht):

So', da geseit d'Tata den Telephon net direkt wann s'era kent...Et soll eng Iwerraschung fir se sin.

B E B Y : Ech muss soen, et ass eng wonnerbar Idée vun èrer Mamm a vun iech gewiescht, fir èrer Tata en Telephon zum Namensdâg ze schenken...Si hätt jo schon ömmer gär é gehât. Si huet sech an der Lèscht schrecklech beschwe'ert fir an d'Post ze goen.

MARIETTE: Ma jo... an durfir war ech fro'h, dass se döst Joer elo just hir Vakanz geholl huet, du konnte mer en an aller Ro'h oprichte lössen...Wât wârt se kucken...wann se könt...mir soen awer neischt bis den owend wa mir hir zum Namensdâg wönschen...(kuckt op seng Auer)Schon eso' spe't...Lo könnt jo den Tuch an lo Minuten, an ech sollt d'Tata op d'Gare ôfhuele goen....

B E B Y : Ma jo... elo musst der iech se'er ewech mâchen, wann der nach gär zur Zeit do wârt...

MARIETTE: (iwerdém wo' et sei Mantel undét an ausgét) Bis herno dann, só, setz nach gleich Wässer op fir der Tata eng Tâs Kaffi ze mâchen...

BEBY: Jo Joffer...(fir sech) Nach lo Minuten...Dât geng jo we' gewünscht....Ech hätt eigentlech och schon ömmer gär en Telephon gehât...Dât wor dât énzegt, wât ech, zenter ass ech bei der Joffer Renaud sin, aussetzen hât..ech hätt mengem Mätt schon dack gären telephone'ert..Ah..dén Telephon hei, dén huet nach just zu mengem Gleck gefélt..me' eppes Praktesches hätten se der Joffer net könne schenken Do hun ech dach och we'nestens e'pes dervun...Lôss mer mol hurteg probe'eren...We' ass schon me' sein Nummer.... Aha....(an engems ass et âre'nt). E Gléck, dass ech ömmer derbei wor, we' en opgericht go'f, soss we'ss ech mol net we' D'Sâch geng funktionne'eren.(schwätzt ziemlich hart) Allo...bass du do Mätt...We'?...wât...majo dât wés ech, ma de Mätt schafft dach bei iech....

.....
We' sôt der?...Wât fir e Mätt dât wâr?...Ma mei Mätt, wât eng domm....

.....
We' ...Me' Mätten, nén, ech hun nômmen ér Mätt

.....
Ah. dir hutt me' Mätten, durfir kann ech net...we'----Ah e gro'sse Betriëb hätt der, dât huet de Mätt mer scho lång gesôt...

.....
Wât sôt der...dén âre Numm weist der gär?.. Mathias Middergon...We'?...verstitt der net...dass dach secher nômmen én eso' dô...an e schafft dach schon zwé Joer bei iech...dir musst en dach kennen....

.....
Ah so'...dir sitt ere'scht zenter göschter do..jo...da könnt dir e secher nach net kennen....

.....
Wât soll ech?...Den Numm buschtave'eren...Dât ka sche' gin M...we' (bedenkt sech e bösschen) Mauliesel, I we' Igel, D we' Dackel, E we' Elephant, R we' Rollmops, G we' Gäns, O we' Ochs, an N we' Nashorn. Hutt der verstân... We'?... Firwât lâcht der dann elo eso'..(fir sech) Dât dommt Hinkel...

.....
Wât...we'...wo' soll ech op d'Welt kom sin...?

.....
An enger Orangerie?...

.....
Wât?..an enger Menagerie...t'ka sin...ma wât huet dât heimat ze din...we' sôt der...richteg buschtave'eren... keng De'erenimm..durfir kann ech net..wann dir siwe Bridder gehât hätt, da ge'f dât iech net weider verwonneren..(fir sech) Wöllt de' mer och elo nach Lektio'n gina wât ass....dât hei schwätzt we' de Schniewel em gewuess ass...Allo...Allo...elo äntwert ké me'... Allo, ...Ah, si wârt de Mätt ruffe sin...Allo, Bass du do Mätt?

.....
We' ..kann en elo net kommen?..Wât?...mech uruffen?

.....

BÉBY: We'..mei Numm (fir sech) ma de' ass allerhand firwötze,
Béby Klempf héschen ech...Wât..Béby Klempf...Verstitt der net
(uni lång ze warden) da wârt, ech buschtawe'ren:K we' Kâtz...
ah jo, keng De'erenimm hât se gesôt..da loss mech le'wer an
der Kichen bleiwen, do sin ech och dohém...Allo..he'ert der..
K we' Kachmaschin, L we' Leffel, E we' Emer, M we' Marmittchen,
P we' Passette, an F we' Forschette...Verstân...We'..nôt ne'deg
...nemmen den Numero vum Telephon wollt der wössen...ech hât
verstân mei Numm...

.....
Jo, jo,...t'ass gutt...wârt, ech muss bedenken...We' hâten se
scho me' gesôt.....Ah.....852-765.....
mech

.....
Jo, jo...da kann hien uruffen...ech wollt em nômmen sôen,
dass mer en Telephon hun....Au revoir....

.....
Au revoir hun ech gesôt..(fir sech) t'geseit én dass de' ere'scht
göschter fir t'e'scht telephone'ert huet, wo' können se eso' eng
domm Tôtz bei en Telephon setzen an eso' e gro'sse Betrieb....
Over do geseit én...wât me' domm, wât se me' me'sseg Plätze
kre'en...(Lauschtert)..Soll dât d'Joffer ire scho sin?...da war
et elø Zeit...Se'er an d'Kichen....(Hatt hängt hurteg d'Duch
erem iwert den Telephon a gét se'er aus)
(D'Mariette könnnt mat der Tata eran. Hat dre't eng Valise, sie
huet e Résmantel un, dén se dann ausdét).

TATA Ei, et ass én awer fro'h wann én erem dohém ass...Dén Zuch
mechtén over midd...(kuckt e beschen rondôm sech) We' sche'n
hutt der et gemâcht, wars de dem Béby höllefe kommt fir
d'Botz ze mâchen....

MARIETTE: Jo, eso' e beschen hei ans do, du war et alt net so' eleng
we's de fort wars...et hât ömmer seng bôer Arbecht...t'huet
derde ganze Quartier am Fong gebotzt.

T a t a : O, ech wés, et ass nie me'sseg..wann ech fort sin...ech sin
iwerhâpt fro'h, dass ech eso' e Médchen hun. Wo' ass et?

MARIETTE: Secher an der Kichen...Soll ech et ruffen?...

T a t a : Nén, ech gi bis an d'Kichen..(sie wöllt ausgoen an engens
rabbelt den Telephon. Sie dre't sech erfe'ert öm) A wât
der Jômer ass dât?...

B é b y : (Dât grad an der Dirstung fir eran zekommen, stîrtzt sech
uni der Joffer Bonjour ze soen op den Telephon, a rifft an
enger Fréd): Dât ass de Mätt....

Tata an d'Mariette: (sprachlos) De Mätt?...

B é b y : Majo secher, de Mätt, wien dan ânescht...De' Joffer hât
dach gesôt e geng mech uruffen....(Hat holt den Hörer)
Allo....allo....

T a t a : (zum Mariette) So, Mariette, wo' könnnt dén Telephon hier?

B é b y : (mecht, ir d'Mariette der Tata äntwert, eng Handbewegung
dass se solle ro'eg sin) Psst...psst...ech versti jo neischt
Bonjour Mätt....wât....so, mer hun den Telephon...We'?
Wât wolls de nômmen froen?..op et normal geschellt huet....
ma du hues gedronk...wât eng Frô...normal geschellt..T'ass
dach en normalen Telephon, da wârt et dach och normal
schellen.....

Wo' bass de...? An der Telephonszentral?...we?... von
der Telephonszentral...ma du bass mer en Artlechen
....hänk mer dach keng op. Mat wém wölls de schwätzen?

.....
Mat der Joffer Renaud..we'..Ma da bass du jo de Mätt
net...We?...Himmel an eng Welt...(zur Joffer ziemlich
hart) Hei Joffer, et ass fir iech..t'ass en Telephons-
männchen....

T a t a : (hölt den Hörer) Allo...jo selwer..Bonjour Monsieur..
jo, jo...et huet richteg geschellt...na ech verstin
net...wo' könnt den Telephon hier?...Wät gelifft?.....
Ech selwer hätt en oprichte gelöss... ech wés neischt
dervun...

.....
Wät sot der?...Op mei Numm...an d'Rechnung wär och schon
iwerwiss....dât ass mir e Rätsel.....

MARIETTE: Nén Tatta, et ass alles richteg...Ech erklären dir alles,

T a t a : Jo, t'ass richteg...t'ass gudd....Merci Monsieur...
(sie hängt an a frét d'Mariette ganz verwonnert) So a wät
héscht dât?...

MARIETTE: Eng Iwerraschung wollte mir der mâchen Tata, fir dein
Namensdâg...mir wollten neischt soen bis den ewend.....
Lo huet den Telephon ons selver verrôt...Du häss jo
scho lîng ömmer gären é gehât...du hu mer geduecht we's
du elo fort wars mer gengen dir én oprichte lössen...

T a t a : (ganz frö') O merci, Mariette, me' eng gro'ss Fréd hätt
der mer net könne nâchen...De' söllege Gâng, de' ech
elo net me' brauch ze mân....Alles kann ech mer elo um
Telephon bestellen..wann ech mech langweilen, brauch
ech nemmen eng Ke'er ze dre'nen, a wupp schwätzen ech
mat iech dohém Mariette, oder mat enger vu menge Fren-
dinnen.Et ass jo dât Prakteschst wät op der Welt bestét..

MARIETTE: Dât huet d'Mamm an ech och geduecht...Du hues jo ömmer
gär deng Ro'h...so' kanns de ro'eg heihém bleiwen....
an ower bass de mat der Welt a Verbindung durch den
Telephon...

T a t a : Villmols merci, mei Kand...et ass bestömmt eng wonnerbar
Iwerraschung.

B é b y : (könnt eran mat enger Tâss Kaffi) Bonjour awer, Joffer,,,
Dén Telephon hât mech elo e'nescht aus der Facon krit..
Hei, dir drenkt secher gär eng Tiesche Kaffi....

T a t a : d'Béby denkt over un alles...Bonjour och, Béby... Ei
et ass e Genoss so' eng Tâss Kaffi...wann én eso'
lîng am Zuch sutz...dât mécht é midd...(zum Mariette)
Hei Mariette dro mei Mantel a mein Hutt bis an, an dann
hölls de och eng Tâss Kaffi matt...
(Iwerdém d'Mariette ausgét rabbelt den Telephon)

B é b y : De' Ke'er ass et awer ganz bestömmt de Mätt....

T a t a : Ma da ge' se'er drop, Béby...

B é b y : Allo....(verwonnert) Mein Hieschen?....an zenter we'ni
bass du eso' le'f mat mir....

.....
we'?, ..nach ömmer eso'...du bass gutt gerôt...ech kennen
dech awer net vun dér Seit....

.....
We? ' ...wât soll ech net...we'?...meng Stömm verstellen.
Ma ech schwätzen dach we' ech ömmer schwätzen, wât eng
Domm, ech mengen du he'ers net me'gutt Mätt?....

.....
Wât...Jean héscht de?...an zenter we'ni ..et get over
ömmer me' sche'n...Elo wöllt dé Jean héschen....

MARIETTE: (wât grad erem zur Dir era könnt) Ma dann ass et secher
mei Fiancé...(hölt se'er den Hörer) Allo...Bas du et Jean
....wât sin ech..allo...we'...en dommt Bötschel... ma Jean,
ech sin et dach elo...d'Mariette...Allo..allo...en huet
agehäng..(Zur Tata) et war over de Jean, ech hun seng Stömm
erkannt...ech muss direkt erem bei him ufrôen...

T a t a : (lâcht) We' interessant...Et ass fir sech kromm ze lâchen.
Wât wârt ech mech nach mat dém Telephon amuse'eren....

B é b y : (gét an engems wo' d'Mariette erem um Telephon dre't aus
a sét fir sech) Ech hätt awer secher gemengt et wâr de Mätt,
nömnen, we' en eso' le'f "Hieschen" gesôt huet hätt ech
Dabo können denken, dass et en net wâr...

MARIETTE: (um Telephon) Allo...bass du do Jean..ma nén ech war et net
et war menger Tata hirt Médchen...So wo' wéss du dann,
dass meng Tata den Telephon huet.....

.....
Ah se' du hues bei ons dohém ugeruff...an d'Mamma sôt
ech wâr hei...majo....fir hiren Namensdäg...Den Owend
feiere mer se...

T a t a : (zum Mariette) So zo' dengem Fiancé, e soll den Owend
matkommen....

MARIETTE: So Jean, Tatta, sét du solls den owend matkommen...jo..
ech soen er et...Jo...avoir Jean, bis den owend....
(hat hängt an a sét zur Tata) De Jean sét der merci, e
wönscht dir elo scho vill Gléck zum Namensdäg...E wés over
nach net op en den Owend ka kommen e sét der nach Beschéd..

T a t a : Da komm dienke eng Tâs Kaffi mat.

MARIETTE: Merci Tata, ech gin elo emol fir t'e'scht bis hém.D'Mamma
wârt op mech...mir kommen dann den Owend eriwier....

T a t a : Daje, bis den owend...(sie setzt sech an d'Fotell)Ei, ech
sin over fro'h erem hei hém ze sin...Dén Hôtelsbetrieb
gét engem op lânt weil over net me'..Eigentlech sin ech
vill me' ro'eg hei hém..zemol wann ech elo dén Telephon
hun,...wât spuert dé mir elo vill Gäng...Dât Zuch fuhren
dât mecht mech over emol midd...ech sin eso' schle'ffreg..
am beschten ech hâlen elo e klengen Tömpchen...
(Knaps huet d'Tata d'Aen zo'gemâcht klappt et un der Dir,
Eng Frâ an engem Schirteg kônnteren).

T a t a : (stét direkt op) Oh, Bonjour Maçame Krisches...We' gét et
iech?.....

M.KRISCHES: (steipt d'Hänn an d'Seit) Schlecht..momentan ganz schlechtwösst der d'ganz Nôperschaft ass an d'Vakanz an da leidd mei Geschäft drönnner...zomol eng Epicerie...Ech verkâfen eso' ze soen neischt,...ma wösst der firwât dass ech kommen...Er Niace sôt mer elo grad dir hätt den Telephon....an dât ass mer eso' kamo'd, da brauch ech net an d'Post ze gôen...et ass kamo'd eso' en Telephon....

T a t a : Jo dât ass wo'er....Ech an érer Plâtz géng mer och én uschâfen....

KRISCHES : Majo secher...ech hun dât scho läng gesôt...ma elo wo' dir én hutt, brauch ech eigentlech kên...de' eng Trâp hei bis erôf...et ass jo keng Affär,..eso' dack telephone'eren ech jo net...a wann emol fir mech en Telephon könnt..da braucht der jo nemmen hei uewen an der Trâp ze ruffen, ech he'eren et jo bis an d'Epicerie...

T a t a : (net me' eso' ganz enchante'ert) Jo, eigentlech jo...ma jidderén soll sein égenen Telephon hun...wuer wollt der dann eigentlech telephone'eren...

Mme.KRISCHES: Majo...bei de Grossist...de Grossist Wankler..we' ass elo scho me' de Nummer, ah jo...(si gét bei den Telephon an dre't) Allo....ass do de Grossist WanklerHei ass d'Madame Krisches....we'...verstitt der net...ma de' Epicerie hei ennen um Eck....Sot huet mer de' Köscht mat dénen Dégwueren rem mat zréck wann der kommt ech kann de Leidd neischt eso' verkâfen...si grétzen alleguer....
Wât gelifft....Dir hutt net verstan...ma de' Epicerie hei um Eck...we'....vill Epicerien op den Ecker...dât wés ech och...wât...mein Numm...Ah so' Krisches...(me' hârt a me' läng gezun) Kri..i..sches...

B é b y : (streckt de Kapp zur Dir eran) Ma jeitzt net eso'...da verstin s'et nach manner....buschtave'ert de Numm....

Mme.KRISCHES: Buschtave'eren...we' gét dât dann?..

B é b y : Ma ganz einfach...dir sitt dach an enger Epicerie op d'Welt kom...do sin dach vill Sâchen...de' der könnt brauchen.Einfach...et ass emol neischt me' einfach...

Mme.KRISCHES: We' dann.....

B é b y : (ganz wichtig) K we' Ke's....

Mme.KRISCHES: (se'er un den Hörer) Allo..sitt der nach do...Also mein Numm ass Krisches...we'...net verstan...da wârt.. K we' Ke's,R we' (bedenkt sech) Reis...I we' Imi..

B é b y : (an engems ass et ausgét) Ech hu jo gesôt an enger Epicerie fönnt se me' we' genuch...

Mme.KRISCHES: (firt virun) S,C,H we' Schokola, ..E we' Esseg,

!.....
We', wât note'ert der...wât...ass de Patron net do?
Ma da sot em de' Pilchareboften de' wâren alleguer bombe'ert,....si sin total verduerf....et ass ké Mönch dén se wöllt...

.....
We' sôt der, et direkt misst sôen...ma ech hun et ere'scht gesin we' der fort wart...an ech konnt och

Mme. KRISCHES: du net direkt op en Telephon läfen...elo ass et natirlech me' einfach...elo hu mer den Telephon am Haus.

.....
Den Numero...majo...da könnt dir ufröen...é Moment...
(zur Joffer) Sôt we' ass èren Numero....

T a t t a : Mein Numero...ma dé wés ech emol selver net....

Mme. KRISCHES: Allo...ma mir hun en haut ere'scht kritt...dir könnt jo dann den Numero an der Post fröen...jo...jo... au revoir....(hängt an)

T a t t a : Duerun hun ech emol elo e'nescht net geduecht...dât muss ech meng Niece onbedengt den owend fröen...wât eng...

Mme. KRISCHES: O mei, elo hun ech mat dém Geschéck nach eppes vergies..

T a t t a : Ma da frôt nach eng Ke'er un...

Mme. KRISCHES: Hei ass nach eng Ke'er Krisches...jo...jo...Krisches... mat Ke'ss a Schokola wösst der vun elo e'nescht. Sot lauschtert...ech hun nach eppes vergiesss..De' Békeleken de' der mer d'lèscht matbruecht hát sin oeh alles we' net me' frösch.....

.....
We' sôt der...Ké Békelék frösch... mé de' hei ware scho möll...nén...guer neischt appetitleches me'....
Könnst der mer net eng Reduktio'n drop gin...oder vielleicht Ke's an d'Plâtz mattbrenge....

.....
Wât sôt der..de Patron froen...wann en erem ass... we'ni ass en dann erem...An enger halver Stonn...Gudd, da froen ech dan nach eng Ke'er un...au revoir....(si hängt an a sêt an engems ass se zur Dir ausgêt)...
Dajé, Joffer bis an enger hallfer Stonn, da brengen ech iech och d'Soue matt...ech hát elo e'nescht net dru geduecht.

T a t t a : Gott sei Dank dass se elo de' hallef Stonn net hei sôtze bliwen ass...d'Äe fâle mir bâl zo'...ech muss onbedengt e besche schlôfen...
(Knaps huet se sech gesât rabbelt den Telephon)

T a t t a : (sprengt op)A wie soll dât dan sin...Wo' wés dach nômmen é Mönch, dass ech den Telephon hun..(si holt den Hörer) Allo...nén...et ass neischt hei geschitt..

.....
Ma ech hun dach ké ruffe gelôss...we', eng domm Tôtz sin ech, fir é matten an der Arbecht ze ruffen...
Ma mat wïem schwätzen ech dann?...

.....
We' sôt der...ech le'en...nén, ganz bestômmt, ech hun net ugeruff...wie sôt...ma da sôt mer dach èren Numm...wann ech gelifft....

.....
Wât...ech hätt iech dach soss emmer gedutzt...(fir sech) a wie kann dât nemme sin?...we',hei um Apparat...ma ech, Joffer Renaud...jo selver...(lâcht) oh t'ass neischt.. ah so' dir hát gemengt d'Béby wâr um Telephon...ma da wart ech ruffen et...we' sot der...de Mätt sitt der... we',soll ech et net elo ruffen...hutt der elo keng Zeit den Owend,..jo,jo t'ass gudd ech soen emät...Au revoir, Monsieur Mätt....

- B é b y : (wât just de Kapp zur Dir erastreckt) Wâr dât de Mätt...mei Mätt...
- T a t t a : Jo, et war e Mätt, en huet gemengt et wâr eppes geschitt well e matten an der Arbecht op den Telephon geruff go'f.
- B é b y : We' besuert ass en over....a wât sot en dun... we' neischt geschitt war...du war e secher fro'h...
- T a t t a : Ma nén, du war e be's, well én e fir neischt ruffe geloss hätt, an du sot en ech wâr eng domm Tôtz....
- B é b y : (verwonnert) Dir wârt eng domm Tôtz...we' affronte'ert...
- T a t t a : Ma nén, gur net, en hât dach gemengt du wârs um Telephon....
- B é b y : (entrüst) Ech eng domm Tôtz...wo' ech him dach gleich matdéle wollt, dass mir den Telephon hätten (ômmer me' be's) O wârt Mannchen..(wöllt bei den Telephon gon) elo kris du wât geliffit gesôt...Dât do le'sst dât hei sech net gefâlen...
- T a t t a : (wiert sech) Um Gotteswöllen, Béby, elo ass en dach secher erem u seng Arbecht....da rufft en dach elo net nach eng Ke'er....Den owend könnt der eso' lâng mat em schwätzen we' der wöllt....
- B é b y : (bero'egt) Jo, t'ass nwaell wo'er...Sôt, ech hât gemengt dir gengt e klengen Tömpchen hâlen....
- T a t t a : T'ass wo'er...ma ech kommen einfach net derzo' ech muss over e besche raschten, zemol wann se mech den owend feiere kommen, soss entschlofen ech dann... (sie wöllt an d'Fotel sôtze goen an d'Béby wollt just ausgoen du klappt et)
- T a t t a : (iergerlech) A wien ass dât do da schon erem?....
- B é b y : (wât de Kapp erausgestreckt huet) Et ass de' vun uewenop...
- T a t t a : A wât soll de' dann nemme mâche kommen....
- B é b y : Ganz bestömmt op éren Telephon....
- T a t t a : O Herrgott, hiew Erbarmen ...dât ka mer jo geschwön sche'gin, wann d'ganz Wôperschaft elo bei mech op den Telephon getrollt könnt....Ge' loss se mol eran.. (eng éler Fra mat ziemlech spatziige Bewegungen könnt
- Mme.PIGEON : Bonjour Joffer, ech hun he'eren dir wârt erem, du wollt ech iech direkt Bonjour soe kommen...We' war et dann an der Vakanz?...
- T a t t a : Sche'n..ganz sche'n..ma ech sin e besche midd trotzdem...
- Mme.PIGEON : Midd?...Nu jé dât verstét sech...Dén Zuch mecht é midd, t'ass wo'er, ma elo könnt der jo gutt raschten...
- T a t t a : (spöttesch) Ech froe mech we'ni?....
- Mme.PIGEON : Ma elo...dir hutt dach soss neischt ze dun...dé ganze Nomötteg...Wann én nach eso' le Liewen hätt..

Mme. PIGEON: Ech hun nach t'lescht zo' mengem Mann gesôt...:
de' pensionne'ert Jofferen hun over dât sche'nste
Liewen op der Welt, si wössen bestômmt net wât hinne
fêlt...De ganzen Dâg machen se wât se wöllen, t'ass
kén dén se déränge'ert...wo' mir âner...ârem bestuedte
Frâen, vu murges bis ewes keng Ro' hun...Mei Mann..
ech kann iech et soen. Schrôer ass en we' e verwinnt
Kand...Eso' kriddelech am Iessen...ech wés geschwönn
net me' wât ech soll kachen..an elo wollt ech jo grad
a Brôd opsetzen fir den ôwend...du gesin ech...dass
ké me' do wor..du hun ech Gott sei Dank dru geduecht,
dassdir den Telephon hätt..an elo telephone'eren ech
da se'er mengem Mann, e soll mer Beafdecker fir den
owend matbrenge...

T a t t a : Ech hu mer et jo geduecht....

Mme. PIGEON: (verwonnert) Wât hu der iech geduecht...

T a t t a : (iergerlech) Ma dass der durfir erake'mt...dann tele-
phone'ert em alt...wann der onbedengt Beafdecker fir
den owend musst hun....ech geng an dém Fall alt eppes
ânescht kachen...

Mme. PIGEON: Hun ech net gesôt...Si mâchen just we' si wöllen de'
pensionne'ert Jofferen...ma ech over net...gesitt der
ech muss mâchen we' mei Mann sét...e möscht sech ômmer
an d'Kecherei..a wât e me' âl göt, wât e me' glott a
me' kriddelech get...e könnt hei ans do un de' on-
me'glechst Sâchen. De' Dég hât ech Kallefspuggel ge-
mâcht du hätt e gâr Frâschenhâme gehât...an eso' ass
et all Dâg...

T a t t a : (ziemlech schârf) Ma dann telephone'ert em e soll
matbrenge, wât e wöllt, dass mer dach un en Enn
kommen...

Mme. PIGEON: O Mamm, wann ech gewosst hätt, dass dât hongregt Gete-
lephone'ers iech eso' nervös geng mâchen, da wâr ech
bis an d'Post gâng..Dir sitt ziemlech nervös, gelt...

T a t t a : Nén...et ass nemmen haut, wo' ech e beschen midd sin
wann ech hätt könne raschten da wâr et gudd...

Mme. PIGEON: Ma da rascht dach e beschen....

T a t t a : (be's) Ma wo' soll ech dann? Ech komme jo net derzo'
wann ech all Abléck én um Telephon hun...

Mme. PIGEON: Oh, entschöllegt, Joffer, ech sin hurteg fêrdeg...
We' ass scho me' den Numéro..Aha(si dre't) Allo
hei ass d'Madame Pigeon..Pi..geon..we' Dauff.....

.....
Nén, net Dijon...Pigeon, we' Dauff op franze'sch...
jo, jo..d'Frâ vum Hâr Pigeon...könt der mer en en
Abléck op den Telephon ruffen....

.....
Allo,...so Jacqui...kanns de fir den owend 2 Beaf-
decker matbrenge...we'..du häss le'wer Kallef-
schnittzelen..oh wés de dât gét ze lîng zo' îr se möll
sin, an dann dât Gepanne'erts, de' Arbecht... bring
du Beafdecker mat a fêrdeg...

Mme. PIGEON:

Wät, emmer zel' ma de' lèscht waren dach eso' zart
da miss natürléch wächt gin wat se der gin...
Loss der der vum Filet eröschneiden...he'erst de--
vum Filet...wät...we'...wann des kén do ass..o
dann alt vum höneschten...he'erst de... vum hön-
neschten jo, jo...t'ass gudd...avoir Jacqui..
(häukt an, a fiert an engem Otem virun, zur Tatta,
de' sech an d'Fotoll gesät an an engem Buch gelies
huet) Do gesitt der jo...hutt der he'eren...Wöll
ech Beafdecker machen, hätt hie gär Kallefsschnitze-
len...

T a t t a : Ma dir macht dach over elo Beafdecker...

Mme. PIGEON: (fir sech) do hun ech gemengt de' ge'f liesen..
(zur Tatta) Ma et ass dach wo'er...We' läng steng
ech dann erem bei der Kochmaschin...de' Mänsleit hu
jo keng Ahnung...De' Schnitzelen gin dach net eso'
se'er möll, a mei Mann ass dé Richtegen...wann
d'lessen net direkt um Dösch stét, wann hie vun der
Arbecht könnt da sollt der emol eppes gesin...Dir
könt iech jo guer net virstellen we' é geplôt ass
wann én e Mann opgelued huet we' ech én hun...Ech
soe jo...de' Jofferen hu keng Ahnung, wät dät fir
e Kreiz ass...Keng Ahnung...(Sie wöllt ausgoen, dre't
sech aver erem an der Dir öm) Ajo...we' ass et mat dem
Bezuelen...ech hun elo ké Frang bei mer..

T a t t a : O et ass neischt wät eso' presse'ert...Da bezuelt
der eng äner Ke'er...

Mme. PIGEON: Ma mir könnten et eso' machen...ech kommen jo elo
nach me' dack op den Telephon, dir könnt vleicht
en Heft uléen, all Ke'er e Stréch machen, da bezue-
len ech am Enn vum Mo'nt alles beiennén...

T a t t a : (be's) Wät...ech soll och elo nach eng Telephonscomp-
tabilite't ufänken...so' eng Arbecht..

Mme. PIGEON: (vermächerlech) Arbecht...o contraire, dät wär dach
eng Amusette...

T a t t a : (se'er) Ma da schreiw dir et selver op all Ke'er..

B é b y : (wät iwerdém erakönnt) Dät göt och neischt..et soll
direct bezuelt gin..soss get et vergiess..hei, ech
hät elo e'nescht och ugefrôt...ech denken elo grad drun
ech wöll meint och ömmer direkt bezuelen...Heit
Joffer, hei sin 3.- Frang..

Mme. PIGEON: (verwonnert) We' 3.- Frang?...an der Post bezuelt
én awer nömmen 2.- Frang..

B é b y : Ma da gitt eng aner Ke'er an d'Post..dät hei war
iech awer vill me' kamo'd, we'?...Bei privat ass et
ömmer 3.- Frang.

Mme. PIGEON: Ma da macht dir jo och mach Geschäften op èrem
Telephon..

T a t t a : (verächtlech) E wärt sech rente'eren...ech mengon ech
hun en net me' läng..e mecht mech scho midd.

Mme. PIGEON: Je..do soll é soen..an der hutt en ere'scht kritt...
Et ass dach neischt me' Praktesches op der Welt...
Ech hun ömmer gesôt, dén dén den Telephon erfonnt
huet, dät war e Genie...

T a t t a : Dât ka jo sin..mé dé Mann hát bestömmt net mat de
Leidd hirem Onverstand gerechnet...

Mme.PIGEON: (blesse'ert) We' mengt der dât?...

T a t t a : (ongedölleg) Ech mengen neischt...nömmen ech war awer
vill me' ro'eg we' ech kén Telephon am Haus hát..
Ech kre'en jo absolut neischt me' gemácht...ech kre'en
mol net me' gerascht we' der gesitt...

Mme.PIGEON: O mei, dir verdrôt over och neischt me'..da loss mech
goen....(D'Béby fe'ert se aus)

T a t t a : (setzt sech erschöpft an d'Fotell) Nén, dât do göt e
beschen ze vill bont...Ech gesin fir der Hand, dass
ech guer neischt ma' gemácht kre'en..wann dén Telephon
am Haus bleiwt...Nöt nömmen keng Möttesrascht get et
me' ma stellt iech vir, ech hun elo eppes ze schrei-
wen...oder ech hékelen...oder ech strecken an ech hu-
mer just d' Schlepper gezielt da rabbelt dât Gedibber
do (si weist op den Telephon)an da muss én drop goen...
deng én et gäeren oder net...En Tyrann ass et... en
Haustyrann ass en Telephon soss glád neischt...nén,
nén..si hun et gudd gemengt ma, wann et eso' viru gét
da lieft en net me' láng... (sie wöllt just d'An zo'
machen do rabbelt den Telephon)

T a t t a : (sprengt op a mecht eng Fauscht ge'nt den Telephon)
O Kanner ech schloen en durch...ech kann en net me'
he'eren.(bedenkt sech) nu jo...et ass villeicht eppes
Wichtiges...(sie hölt den Hörer) Allo..wât soll ech
hir sôen..Jo..dir hätt keng Beafdecker kritt...ob der
sollt Dégwueren oder Ke's matbrengen,..ma wârt,
schwätzt le'wer selver mat hir..da kann s'iech direct
Beschéd soen..(Si le'sst den Hörer aushänken a rifft
de' eng Seit zur Dir aus) Béby, ruff d'Madame Pigeon
op den Telephon..(Da gét sie de' aner Seit zur Dir
aus a sét an engems) Elo mâchen ech mech over se'er
hei ewech, soss hält se mer nach eng Ke'er eng Causette
vun enger halver Stonn..
(Aplâtz vun der Mme Pigeon könnst d'Mme Krisches se'er
(eragelâf.Sie ass bâl ausser Otem an engems ass den
(Hörer hölt, iergert se sech)

Mme.KRISCHES: Ass dât erlâbt...En elo op den Telephon ze ruffen
wo' ech grad Leidd am Buték hát...Allo...Wât...Dég-
wueren?...Um Gotteswöllen nén, wo' ech dach gesôt hun
dass mer nach eng ganz Köscht do stoen hun de' grétzen
nén op ké Fall...

.....
We'...wât solle mer mol émol erem huelen...We'...
Fösch an enger Boîte hätte mer scho láng keng me'
gehât? Wât..dât soll emol erem eppes Neis sin...ma..
mer hun dach och nach eng ganz Köscht verduerwe Pil-
charen do ston...nén..nén, ké Fösch an de Boïten...
Ke's hát ech gesôt...jo, jo...Ke's...aplâtz wât?....
Ke's aplâtz Beafdecker...a wie schwätzt dann hei vun
Beafdecker...Ech selwer hätt eso' appes gesôt... do
he'ert over alles op (ömmer me' be's) Aplâtz Beafdecker
hun ech gesôt...we'...neischt vu Bekeleken gesôt...o
secher hun ech gesôt..(si rifft zur Dir aus) Hé,
Joffer wo' sitt der..kommt emol se'er eran...(An den

- Mme. KRISCHES: (Hörer) Wârt emol..ech hun hei Zeien...(Zur Joffer de' grad erakönnt) Sût, hun ech net gesôt ech hätt gär Ke's aplôtz vun dene verduerwen Bekeleken (erem an den Hörer)Allo..dât do lèssen ech mer net bidden...
- T a t t a : (ganz iergerlech) Wât hun ech mat èrem Ke's an ère Bekeleken ze dan...Wârt der nòmmen all wo' der gudd wârt (op êmol ganz verwonnert) Ma dât wor jo net fir iech...
- Mme. KRISCHES: Wât war et net fir mech?...
- T a t t a : Ma dèn Telephon do..(zur Dir aus) Béby, wo' bass da?
- B é b y : (erschengt an der Dir a frét ahnungslos) Wât ass geschitt?
- T a t t a : (ganz opgerégt) Ma dèn Telephon war fir d'Mme. Pigeon. Ge' ruff se se'er...
- B é b y : Ech hât iech Krisches verstân...wo' aoll én aus all dèm Ke's nach klug gin?...
- T a t t a : Wât eng Blamage! (hölt se'er den Hörer aus der Mme Krisches hirer Hand de' nach ömmer sprachlos do sôtzt) Allo...sitt der nach dè Här Pigeon? Allo...dir musst ons entschöllegen...et war... we'?...mir giwen de Spott mat iech maachen..nén.. o nén, guer net Här Pigeon...wo' könnt der eso' eppes vun ons denken et war nòmmen eng Verwiesse- lung...Allo...Allo...(fir sech) Elo huet en agehâng..
- Mme. PIGEON : (de' se'er erakönnt) Wât hätt e gär gehât?
- T a t t a : Ma en huet gesôt et wâren keng Beafdecker me' do op en net sollt Dégwueren mat Ke'ss matbrengen...
- Mme. PIGEON : Wat eng Domm...fir iech eso' eppes ze froen...
- Mme. KRISCHES: An zo' mir huet en och nach gesôt, dir sollt emol émol erem Fösch aus enger Boîte huelen, dir hätt scho lâng neischt me' eso' gehât an dât wâr eppes Neis...
- Mme. PIGEON : (be's) Wat en Êfalt...fir dénen âneren op d'Nues ze hânken wat mir iessen...Dèn Dabo...wârt... wann en hémkönnt den owend..ma ech hätt em vil- leicht besser elo direkt erem ze telephone'eren..
- T a t t a : (wiert ôf) Ma lôt en dach matbrengen wat e wöllt.
- Mme. KRISCHES: T'ass dach wo'er...eso' e Gedéssems fir en Nuechtiessen. An dan zum aner...wann der neischt am Haus hutt da kommt dach bei mech kâfen..Aner Leid wâre fro' wann s'eng Epicerie am Haus hätten dass se net wéit ze goe breichten..Ech froe mech iwerhâpt firwât dir ömmer anerwärts kâfe gitt?...
- Mme. PIGEON : Ma dât gét iech och nach eppes un..wann ech over le'wer an zwuersch ânescht gin..
- Mme. KRISCHES: (mat gezwongener Fröndlechkét) Neischt fir ongutt Madame Pigeon, ma meng Sâchen sin eso' gutt we' dénen âneren hir...

- Mme. PIGEON : (spöttesch) Dât wöll ech over nach guer net soen. ech hun elo e'nescht he'eren we' der selver gesôt hut, er Dégwueren genge grétzen, è Pilchare wäre verduerf, an è Békeleken wären net me' frösch...
- Mme. KRISCHES: (verwonnert) Aha...do geseit én..Lauschtere gét se och nach...
- T a t t a : (iergerlech) Um Gotteswöllen dann zerstreit iech dach elo net hei...
- Mme. PIGEON : Streiden...o ech lösse mir dât net soen...ech hätt gelauschtert...nén, keng Ried vu Lauschteren... He'eren hun ech alles uni et ze wöllen...Ech hát mech grad a mei Ligestull hier op de Balcon geluegt fir eng Möttesrascht ze hålen...du gung de Kome'di hei enne lass. Gejaut hutt der dach um Telephon... t'ganz Nôperschaft huet et dach he'eren...
- Mme. KRISCHES: A so'..dann hun ech iech öm èr Möttesrascht bruecht.
- Mme. PIGEON : Ma jo secher..(zur Tatta) Ass dât dann net wo'er... si huet dach alles rondöm erwächt wât op der Möttesrascht war...
- T a t t a : (verdresslech) Ech si jiddenfalls och öm meng kom...
- Mme. KRISCHES: (lâcht verächtlech) Eng Möttesrascht...ech kre'en kén Dâg eng....
- Mme. PIGEON : Dât ass over keng Ursâch fir dénen âneren se ze huelen, èrBékeleken gin durfir net me' frösch,ech froe mech wât e bémol eso' presse'ert huet....
- Mme. KRISCHES: Also meng Békeleken sollen es an Schold sin...de' ass da gudd...an èrBeafdecker?..huet dât dann eso' presse'ert....(zur Tatta) o, né Joffer...dir durft dât net zo'lösen dass ech es an Schold wâr...
- T a t t a : (an engems dass se ausgét) Lâft mir dach de Bockel eran mat ère Bekeleken an èrebeafdecker...hätt ech kén Telephon...da wâr all dé Kome'die net kom....
- Mme. PIGEON : Richteg, dén Telephon ass alles an Schold..
- Mme. KRISCHES: Alles an Schold..t'kritt én nômmen elauter Streit an d'Haus...(bedenkt sech) o mei, an ech hát Leidd am Butek...Lo muss ech awer se'er goen (ôf)
- Mme. PIGEON : De' brauch sech och nach ze wonneren wann ké bei se kâfe könnt, én eso' lãng warden ze lösen.. dann ass natirlech den Telephon et an Schold...
(Si wöllt och ausgoen, mé ^{an}dém Moment rabbelt den Telephon.Si könnt se'er erem zréck an engems ass se sét): Dât ass bestömmt mei Mann..ech hu mer dât jo geduecht dé bringt neischt mat uni mech ze froen..
(Si hölt den Hörer ^{an}uni ze froen wien do ass sét se): Allo, we' ass ^{er}fir den owend..wât...du könnst net a we' ass dât dann?..we' du kannst net kommen..? So mâch over keng Witzten...we'...u wât has de elo e'nescht net geduecht...dass de wuer versprach hues ze goen...wât..mat denge Kollegen Football spielen. De' mech net lâchen...wât..et wâr net fir ze lâchen Huet én dann schon eso' âle Bless gesin Football spielen.An dengem Alter...matt Kollege Football spielen...so hãnk engeam âner de'op ma mir net.....

Mme. PIGEON: Football spillen, Drenken gitt der..so le'wer eso'...
we'...ma du schuns dech net..dât'geng derzo' gehe'eren
wât de' Mânslêit over me' Âl gin, wât se me'donn a
me' frech gin.We'..du kenns mech net vun der Seit..
da le'ers de mech kommen..wârt Mânchen wanns de
kôrns...We'...wât sîn....(fir sech) Elo betitelt dé
mech Tatta..(an den Hörer) So deng Frechhêt kennt over
keng Grenzen.Fir zu mir Tatta ze soen...wât...we'...
mengst de.. du hâss nicht derzo'..wells de wât...
matt wen fiance'ert bass? (fir sech) elo he'ert ower
alles op..mat menger Kiepe...dem Mariette...Ma du bass
net me' weis...(an Tatta de' grad erem era kônnt) Et
get ower ömmer me' wâss' n op erem Telephon..lo behâpt
dén he' e wâr mat engem Mariette fiance'ert...ma dén
huet eng am Batz...

T a t t a : (hölt se'er den Hörer) ma dann ass et de Jean, menger
Niece hire Fiancé..Allo..bass du et Jean...hei ass
d'Tatta..(fir sech) en äntwert net me'..en huet agehäng..

Mme. PIGEON: Wât hutt dir ower en dommen Telephon eso' eppes hun
ech nach net gesin...

T a t t a: Ech och net...ech soen iech jo, e liewt net me' lâng.
hei..et ass elo Schluss, et kônnt mer elo ké me' drop
(ömmer me'be's) Ech hun es elo grad genug dermat..
Sin ech dés ne'deg..All Minutt en âner hei leien ze hun..

Mme. PIGEON: (blesse'ert) O mei, wann dât iech ze vill ass..dir
verdrôt awer guer neischt me'...ech fannen dir sitt
iwerhâpt ze vill nervôs...dir misst orbedengt eppes
anhuelen..eso'kônnt der net viru fuhren...

T a t t a : Ech fueren och net eso' virun..e flitt mer aus dem Haus
..en ass alles an Schold...

Mme. PIGEON: (gét aus a sêt an engems) Loss mech mech als ewech mâchen
op émol sin ech alles an Schold...

T a t t a : (iergert sech) Fir ze lâchen..eppes anhuelen...ge'nt
den Telephon ass ké Kraut gewues...Dén en erfonnt huet
hât bestômmt net mat all déne Folgen gerechent, soss
hätt en d'Fangeren dervu geloss...Loss mech mol erem
an d'Fotel setzen goen, villedicht kann ech over nach
e klengen Tömpchen hâlen...
(An engems ass se bei d'Fotell gét rabbelt den Telephon)
Nén, nén, nén, elo ass et es genug...Schell bis muer de
morgen..ech gin net me' kucken...nén, nén, rabbel
so'lâng we's de wölls..Wue soll ech mech nemme ver-
ze'en dass ech en net me' he'eren..(si gét asu)Et kann
elo sinn wien et wöllt, ech gin net drop...
(an engems ass si de' Seit ausgét, kônnt d'Médchen de'
aner Seit eran.)

B é b y : Ech hun als geduecht d'Joffer wâr net hei bannen. Da
loss mech als drop goen, et ass villedicht de Mätt...
Allo..jo...ech sin et d'Béby...Bonjour... (riff zu
der enger Dir aus wo' d'Joffer era gang ass...Joffer..
Joffer..den Telephon...)

T a t t a : (vu baussen) Lâf mer de Bockel eran..ech wöll neischt
me' wössen dervun...

- B é b y : Si sét der soltt er de Bockel eralâfen...ei wöllt neischt me' mat iech ze dun hun...we'...wât er soll sin... ech wés et och net, si ass zenter dass mer den Telephon hun eso' drôleg..we'..ech schon eso' drôleg mat èrem Fiancé gewiescht...elo e'nescht..jo ma ech hun se geruff.. da wart ech ruffen nach eng Ke'er..(zur Dir aus) Joffer... da kommt dach, et ass fir iech...
- T a t t a : (ganz nervös) Lost: mech òm Gotteswöllien ro'eg..Sot einfach ech wâr net hei...dann ass alles op en Enn..
- B é b y : Si sét, si wâr net hei..we'..eng Ligen..ma wann s'et dach selwer sét..we' sot der--..krank...o ech wés et net...mengt der op der Rës wâr eppes u se kommt...si ass jiddenfals ganz gelungen..we' kommt der no. er kucken...jo t'ass gudd..Avoir Joffer Mariette..
- T a t t a : (de'iwerdém erakönnt) We', war et meng Niece?..
- B é b y : (wat grad agehäng huet) A do sitt der..jo et war d'Joffer Mariette, èr Niece...
- T a t t a : A firwat sés du mir dat dann net?
- B é b y : Mé ech hun iech dach geruff...
- T a t t a : Du hues awer net gesot wien et wâr..soss wâr ech kom. a wat denkt dat Kand vu mir..Du häss mer direkt misse soen wien et wâr...du bass och net ganz gescheit..
- B é b y : Mei Gott..ech mengen dir och net...
- T a t t a : (verwonnert) Hei, lo fängt d'Joffer och nach un frech ze gin..elo e'nescht hun ech schon anuecht geholl..dass de ké Respekt me' viru mir hues...ech wâr ganz gelungen, ech wâr droleg,..so zenter we'ni erlâbst du dir de' Frechhéten?...
- B é b y : (zuemlech barsch) O zenter ass mer dénTelephon hun...
- T a t t a : Et ass over nawell sche'ndass de zo'göss dass de frech bass..ma wart ech wârt der soen wo'hin..da bass du over net lãng me' hei bei mir, du frecht Steck..
- B é b y : (fir sech) Ech sin over nun daat ganzt Joer net esò' vernannt gin...(verdresslech) O mei Joffer an zenter we'ni schwätzt dir eso' mat mir?...
- T a t t a : (ganz opgerégt) Zenter we'ni...zenter we'ni...zenter ass mir dén Telephon am Haus hun, dén Telephon do... jo...daat miserabelt Steck Miwel do...dén ass alles an Schold..alles soen ech..et get op der Welt ké me' e Streitmecher...ké me' en Tyrann an engem Haus, we' en Telephon..ech wöllt e le'g wo' e gutt wâr.. Nach haut lossen ech en erem ôfrappen...
- MARIETTE : (wat iwerdém erakönnt; ganz erfe'ert) O Tatta, a waat ass nemme geschitt..
- T a t t a : Wo' könns du dann hier?...
- MARIETTE : Ma ech hatt keng Ro' me'..d'Mamma sot och, ge' lãf mol hurteg iwer kucken waat mat der Tatta lass ass. Mei Fiancé sot, en hätt dech net me' erem erkannt, du wârs dach soss emmer so' gentil mat em gewiescht..a we's de du och nach net wolls op den Telephon kommen we' ech ugeruff hun elo e'nescht, du hu mer secher geduecht et wâr der eppes geschitt...

- T a t t a: (lâcht) Ma ech hun iwerhâpt net mat dengem Fiancé geschwaat, daat war d'Mme Pigeon vun uewenop, de' haat gemengt et wär hire Mann..a we' ech wollt mat em schwätzen huet en agehäng...
- MARIETTE: (verwonnert) d'Madame Pigeon..A waat haat de' dann hei verluer?...
- B é b y : Ma op den Telephon war se kommt. De' ass alles an Schold..de' an de' vun ennen an aus der Epicerie...
- T a t t a: Hätt ech nömme kén Telephon..da wär alles gudd.. ech hun et schon eng Ke'er gesôt..an ech soen et nach eng Ke'er..e flitt mer aus dem Haus...
- MARIETTE : (verdresslech) Ma du häss dach ömmer gâr én gehât..
- T a t t a: (spöttesch) Gehât...jo...ma nie me' geng ech mer é wönschen..Nie hätt ech geduecht dass en Telephon én eso' geng kujene'eren..et ass dé gre'ssten Tyrann dén op der Welt bestét..e get erem ôfgeschäft...des kanns de secher sin..
- MARIETTE : (enttäuscht) A mir hâten nach geduecht mer ge'fen der eso' eng gro'ss Fréd dermatt mâchen...
- T a t t a: Dir könnt jo och net derfir..(Den Tel.schellt erem) ma he'er emol..well rabbelt e schon erem..He'er nömme.. (ömmer me' be's) ech haalen et net me' aus...(zo' hirer Niece de' op den Telephon wöllt goen) Eweg dervun soen ech dir, ..mach dass ké sech me' önnerstét en unze-pâken...Losst e schellen eso' lang we' e wöllt..Kommt gitt mat mir an d'Kichen..
- MARIETTE: Ma Tatta, et ass villeicht eppes Wichtigees.
- T a t t a: Eppes Wichtigees..daat hun ech elo e'nescht och geduecht du waren et Beefdecker a Bekeleken...Béby, komm, mach mer nach eng Tâs Kaffi..daat ass me' wichtig,dass ech erem zo' mer kommen..
- B é b y : (wölt matgoen, bleiwt over um halve Wé stoen)..Jo, Joffer, ech kommen, ma..den Telephon..
- T a t t a: (iergerlech vu bassen) Den Telephon..den Telephon.. Loss e schellen, hun ech jo gesoot...
- MARIETTE : (gét op den Tel.zo' a sét an engems) Et könnt over mol eppes Wichtigees sin..(Hat hölt den Hörer erôf)Allo.. allo.. et äntwert ké me'--
- B é b y : (verdresslech) Do hu mer et jo...
- MARIETTE : Wât hu mer?...
- B é b y : Ma dass mer net drop gang sin..et war...ganz bestömmt de Mätt...

J.St.

.....